



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 22 -11- 2017



A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Question parlementaire n° 3380 du 23 octobre 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Étienne SCHNEIDER

#### Ad Fro 1

Wat d'Police betrëfft ass et esou dass wann d'Zentralunitéit vun der Verkéierspolice feststellt dass dat geblëtzt Gefier e Gefier vun der Police ass, dann gëtt eng Recherche am Journal des Incidents (JDI) vun der Police gemaach fir feststellen op et en Grond hannert der Vitesseiwverschreidung gëtt. Wann bei dëser Recherche eraus kënn dass d'Vitesseiwverschreidung sech am Kader vun enger Policemissiou befënnt déi eng urgent Fortbewegung erfuerdert huet, dann gëtt den Avertissement taxé annulléiert, sollt dëst awer net den Fall sinn, ginn déi schëlleg Chauffeuren vun der Police grand-ducale gemäss dem Gesetz poursuiviéiert.

Wann esou eng Strofdot virläit dann kritt den Besëtzer vum Gefier, an dësem Fall d'Generaldirektioun vun der Police grand-ducale, an enger éischer Phase, een Avertissement taxé ausgestallt. D'Gestioun vun den Gefierer an der Police erméiglecht am Normalfall eng liicht an séier Identifikatioun vum eigentlechen Chauffeur vum Gefier, sou dass an enger zweeter Phase den Avertissement taxé vun der Generaldirektioun vun der Police un den betreffenden Chauffeur weidergeleet gëtt. Den Chauffeur muss dann den Formulaire de contestation vum Avertissement taxé ausfüllen an seng Identitéit als Chauffeur vum Gefier uginn. D'Generaldirektioun schéckt dann den ausgefüllten Formulaire zeréck un déi zoustänneg Unitéit vun der Verkéierspolice. En néien Avis d'infraction gëtt dann der betreffender Persoun zougestallt, déi dann déi selwecht Rechter huet ewéi all Bierger deen esou een Bréif kritt.

Déi aner Administratiounen, Servicer an Ministère vum Staat kréien hier Avertissements taxés, oder Procès-verbalen, zougestallt an müssen dann intern kloer stellen wien den Chauffeur vum Gefier war an d'Identitéit dann der Police kommunizéieren fir dass déi betreffend Persoun sech eventuell justifizéieren oder d'Geldstrof bezuelen kann. Déi Administratiounen an Servicer déi och am Besëtzt sinn vun Gefierer déi am Eildéngscht kënnen fueren müssen dann dem zoustännegen Service vun der Verkéierspolice matdeelen op d'Vitesseiwverschreidung duerch d'Ëmstänn justifizéiert war oder net.

#### Ad Fro 2

Den schëllegen Chauffeur muss d'Geldstrof selwer bezuelen an och déi eventuell juristesche Konsequenzen ausdroen oder d'Strofdot ufechten. Sollt et sech em een Ausnahmefall handelen sou wéi sub 1) beschriwwen, dann gëtt den Avertissement taxé annulléiert.

#### Ad Fro 3

Den Eildéngscht ass am Code de la Route définéiert, an all aner Motiv fir déi autoriséiert Vitesselimitatioun ze iwwerschreiden as nët valabel.

#### Ad Fro 4

Den Chauffeur deen am Eildéngscht fiert muss säin Avertissement taxé net bezuelen oder sech virun der Justiz veräntwerthen, well d'Dispositiounen vum Artikel 139 vum Code de la Route sech net op den Eildéngscht applizéieren. Dëst stellt awer viraus dass déi sonor Warnsireenen an déi blo Luuchten ageschalt sinn. D'Chauffeuren müssen an all den Fäll d'Securitéit vum Stroosseverkéier sécherstellen.

Et muss allerdéngs präziséiert ginn, dass déi blo Luuchten oft net op den Radarbiller ze gesinn sinn an dass d'Verkéierspolice net ëmmer identifizéieren kann op d'Gefier sech am Eildéngscht fortbeweegt huet oder net, soudass déi concernéiert Chauffeuren der Verkéierspolice déi néideg Dokumenter oder Rapport'en müssen kommunizéieren déi den Eildéngscht attestéieren.

#### Ad Fro 5

Bis dato huet d'Police eisen Informatiounen no nach keen Disziplinarverfahren wéinst enger Vitesseiwerschreidung am Kader vun engem Chauffeur deen vun engem Radar geblëtzt ginn as, virgeholl. Den schëllegen Chauffeur deen seng Geldstrof bezilt riskéiert am Normalfall keng disziplinaresch Suitten.

D'Gesetz vum 16ten Abrëll 1979 iwwer d'Disziplin an der Force publique gesäit allerdéngs fir dass eng strofrectlech Sanktioun net verhënnert dass en Polizist och nach zousätzlech disziplinaresch gestrooft kann ginn. An esou enger Hypothees muss vun Fall zu Fall gekuckt ginn op d'Behuelen vum Polizist och en Verstouss géint déi generell Prinzipien vun der militärescher Disziplin duerstellt.

#### Ad Fro 6

Jo, d'Police grand-ducale war schon konfrontéiert mat Chauffeuren déi am Eildéngscht geblëtzt ginn sinn. All Fall konnt bis dato opgekläert ginn an keen Chauffeur gouf onbegrennt bestrooft. Verschidden Agenten vun der Police grand-ducale goufen och schon ausserhalb vum Eildéngscht geblëtzt an am Prinzip ginn dës Geldstrofen bezuelt.

Wat déi viséiert Chauffeuren betrëfft, kann keen erhéichten juristeschen Risiko festgestallt ginn, well déi Fäll am Prinzip vum Eildéngscht ofgedeckt sinn.